LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune du Ministre de l'Économie, Franz Fayot, de la Ministre des Finances, Yuriko Backes, et de Madame la Ministre de la Protection des Consommateurs à la question parlementaire n°8377 du 10 octobre 2023 de Monsieur le Député Marc Goergen au sujet d'attaques par phishing**

An de lëschte Méint sinn effektiv eng Rei Phishing-Versich, déi Clientë vu verschiddene Banken zu Lëtzebuerg viséiert hunn, observéiert ginn.

POST Finance weist drop hin dass se aus Sécherheetsgrënn net iwwert d'Detailer vun dësen Attacke kommunizéiert.

A ville Fäll konnten déi frauduléis Payementer nach gestoppt ginn, oder d'Sue konnte vun der Bank vum Beneficiaire zeréck gefuerdert ginn. Dëst ass allerdéngs just méiglech wann de betraffene Client d'Fraude a kierzter Zäit mellt an esou eng Fuerderung bei der Empfängerbank zäitno ka gemaach ginn. POST Finance recommandéiert dofir hire Clientë méiglech Frauden direkt ze deklaréieren an eng Plainte bei der Police ze maachen.

Allgemeng hunn d'Banken wéi och POST Finance eng gesetzlech Obligatioun Clienten ze dedommagéiere wa Payementer ausgefouert goufen déi net vum Client autoriséiert goufen. An dëse Fäll hunn d'Clienten hir ebanking-Coordonnéeën a LuxTrust-Ënnerschrëften awer selwer uginn an ausgefouert, op frauduléise Websäite mat deenen d'Banken näischt ze dinn hunn. Deemno besteet hei aktuell kee gesetzlecht Recht op Entschiedegung duerch d'Bank,

Um EU Niveau lafen Aarbeschten fir den europäesche Gesetzeskader weider ze stäerken an sech eng harmoniséiert Approche ze ginn, déi de Konsument och an sou Fäll besser schütze géiff. Esou gëtt aktuell un der Revisioun vun der Payment Services Directive 2 (ëmgesat um nationale Plang an dem ofgeännerte Gesetz vum 10.November 2009) geschafft. Ee Schwéierpunkt ass d'Stäerkung vun den anti-fraud Mesuren sou ewéi d'Berécksiichtege vun néien Typpen vu Fraude wei dem Phising.

Et ass an dësem Kontext wichteg, wéi schonns an der Question parlementaire 7703 drop hinzeweisen, dass säit ville Joren an d'Cyberséecherheet investéiert gëtt. Duerfir hei och den Appell un d'Konsumenten, ganz allgemeng virsiichteg ze sinn, wann se online ënnerwee sinn, a och sech z'informéieren, sief et zum Beispill iwwert d'Helpline vu Bee-secure (www.bee-secure.lu) oder um nationale Cybersecuritéit-Portal (www.cybersecurity.lu).

Luxembourg, le 10/11/2023

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot